

## Annexe 1 – Rapport du Président

Gewéinlech gëtt de Bilan gemaach vum leschte Joer, mee vu que dass Ech nëmmen 2 Méint ze verbuchen hunn, huelen ech mer net dat Recht, obschonns an deenen 2 Méint munches geschitt ass. Déi éischt Succèsen, mee och déi éischt Enttäuschungen.

Ech iwwerloossen dem General Sekretär et, fir de Bilan vun den Aktivitéiten ze maachen vum leschte Joer well hien och déi éischt Halschent vum Joer matgemaach huet.

Ech well éischer ob déi Projeten agoen déi mer eis virgeholl haten an déi mer lech och gesot hunn.

Mir sinn ugetrueden mat engem Projet vun neiem Opbau. Dëst war an ass nëmmen Méiglech mat konkret Zieler a Resultater, an ech mengen mer sinn ob dësem Wee.

Dat éischt dringend war verschidden Reglementer resp. Statuten ze änneren déi bewisen hunn dat se net hiren Zweck géingen erfëllen.

Dëst huet déi nei gegrënnte Kommissioun mat vill Engagement gemaach. Des nei Statuten an Reglementer leien lech vir a wäerten herno och zum Votte kommen.

Mier haten och eng Reorganisatioun vun eise Fonctionnementer virgesinn, dëst ass och ageleet nom Schema, dass de Gros vun der technescher Aarbecht soll an de Kommissiounen geméit ginn an domat sollen des och méi Autonomie kréien, well d'Aarbecht am CA gëtt ëmmer méi obwännesch an ass soss net méi ze paken. Dëst ass um gudden Wee allerdéngs och net mat Iwwerhastung, well et ass grad esou schwéier erëm zeréck ze rudder wann et net géing klappen.

Praktesch gesinn gesäit dat esou aus, dass an der Kommissioun, Projeten fir Ännerungen virgeschloen an diskutéiert, oder si kréien en Optrag vum CA fir en Avis ze ginn.

Dëse Projet gëtt dann am CA duerchgekuckt an wann do näischt dogéint schwätz gëtt dëst ofgeseent.. Decisioun gëtt am CA geholl, déi dann publizéiert gëtt fir dat se kann a Kraaft trieden.

An dem Sënn sollen och déi aner Kommissiounen funktionéieren, woubäi bei verschiddener nach Budgets Diskussiounen dobäi kommen.

An hei sollen déi Leit sinn déi sech an dem Fach auskennen.

Dat bedéngt eng Zesummenaarbecht vu verschidde Kommissiounen, wei et an dem Organigramm, den ob eisem Site steet, et ausweist.

Dëst erméiglecht et, dass manner technesch am CA geschwat gëtt, a sech méi kann ob aner Saachen konzentréieren, a gleeft mer et ass nach vill Aneres do.

Verschidde Kommissiounen si mat ganz jonken Memberen beluet, déi als éischt emol hier Marke hu misse fannen, mee dat ass gutt an och erstaunlech schnell ëmgesat ginn. Dir kennt dat an de verschiddenen Rapporten eraus liesen.

Et ass och fir d'GR Kommissioun virgesinn fir esou ze funktionéieren, dofir hu mer als Éischt d'Struktur vun der Kommissioun geännert, fir dat et méi equitabel soll sinn.

Wann 4 vu 6 Klipp zesumme gehéieren, dann ass et schwéier virstellbar dat et soll demokratesch eroflafen. Des nei Struktur ass gemaach, virgestallt, an am Gang ëmgesat ze ginn. Dëst wäert allerdéngs nach e bëssen Daueren fir dass et komplett acceptéiert gëtt.

Eent muss e verstoen, dass eng Kommissioun nëmmen kann mat enger gewëssener Autonomie funktionéieren, wann Vertrauen do ass. Dëst Vertrauen muss en sech emol als Éischt uneegnen, an et ass nëmmen wann en fir d'Allgemengheet schafft an Iwwerleet, dat en dëst Vertrauen kann gewannen.

Et war virgesinn fir eis Communication ze verbesseren, fir och endlech de Lizenzprogramm ze verbesseren oder soen mer ze änneren, fir méi effektiv kennen ze schaffen. Dëst ass och am Gang ëngesat ze ginn, mee do wäert lech de Silvio deen dofir zoustänneg ass méi erklären wei et am Moment ausgesäit.

En aneren Projet, de mer eis virgeholl hunn, an de mir perséinlech ganz vill um Häerz leit, dat ass d'Formatioun. An zwar an alle Richtungen. Et ass a mengen Aen eng vun den Haaptresponsabilitéiten vun engem Verband fir dat ze fërderen. Mir hunn e Programm ob 2 Joer gemaach an Zesummenaarbecht mat der Eneps, fir dass Dir och besser kennt Plangen fir och an de Genoss ze kommen vun den Avantagen déi gebueden ginn am Kader vum Qualité Plus. Ech well ervirsträchen dat mer eng gutt an enk Relatioun mat der Eneps opgebaut hunn, wat eis d'Aarbecht erliichtert, dofir e Merci vun hei aus un d'Eneps.

Eist Ziel war jo natierlech och dass déi Concoursen déi eise Programm ausmaachen gutt sollen eroflafen a vun do kennt aus de Kommissiounen déi néideg Dynamik an dat ass Luewenswäert. Dat vun der CST wei och GR Kommissioun.

Eis Kaderen sinn a vollem Opbau, an déi Aarbecht déi schonn virdrun déi Joren gemaach ginn ass gött weider gefouert. Mir hunn e neien Encadrement finaliséiert an e Programm fir déi nächst 4 Joer gemaach. Dëst gött eis d'Méiglechkeet fir finanziell schonn anescht ze plangen, an och ëmmer erëm de Rekrutement vum Nowuess mat plangen. Mier hoffen och an de nächste Méint e GR Kader kennen opzebauen fir des Disziplin och kenne ze Developpéieren an enger gesonder laangfristeger Aarbecht, a fir vun de perséinlechen Interessen ewech ze kommen

Eis Finanzsituatioun léist eis dann och reagéieren, well dat kascht jo alles. Et sinn verschidden Projeten an Diskussioun, allerdéngs nach net sporchreif. Dir wäert vun eis héieren wann et souwäit ass.

Eng vun eisen Aussoen war och d'Transparenz. All eis Rapporten aus dem CA ginn Integral um Site publizéiert. Et steet dran wat decidéiert ginn ass, fir dat et och kann a Kraaft trieden, a fir dass och eng Trace do leit. Mier versichen och d'Froen déi kommen esou séier wei Méiglech ze behandelen.

Ech muss awer leider och ob de leedleche Problem agoen de mer mat engem Club an der GR hunn, wou e Bréif virleit an och Fuerderungen gestallt ginn. Ech weess dat Dir a Mir es och genuch hunn fir ëmmer nëmmen dovunner ze héieren, dofir well ech mech net laang domat ofginn.

Mir hunn müssen ob verschidde Saachen resp. Ukloen reagéieren, déi mer net konnten am Raum stoen loossen.

Hei gött et em Reng Perséinlech Ugeleeënheeten, déi mer net kennen esou akzeptéieren.

Dir hutt vum Klupp RythmoCats e Schreiwes virleien wat jo genuch seet. Dat kennt jo och nach zum Vott.

Ech stinn Ried an Äntwert wann vun Iech Froen zu deenen Uschëllegungen kommen.

Ech well just hei soen, dat mer net feindlech handele wëllen, et ass ganz kloer, an Eescht an Éierlech gemengt, dass mer déi Disziplin welle fërderen, trotz den Aussoen vun dem Klupp. Dei Fërderung kann a wäert awer nëmmen funktionéieren wann déi Veräiner och eis Reegelen anhalen an am Sënn vun de sämtleche GR Veräiner an Turner handelen. Et gëtt nëmmen 1 Wee fir kennen dovun ze profitéieren, an dat ass dass

- E Kader, an domat mengen ech net nëmmen e Nationalkader vun 6 oder 8 Turnerinnen, nee ech mengen domat eng Kader Struktur wei mer se och an der GAM a GAF hunn,
- Kritären geschafe ginn fir ob eng Meeschterschaft ze goen,
- an e realistesch Budget erstallt an validéiert gëtt.

Ouni déi Viraussetzungen ass net nohalteg ze schaffen.

A wat sech méi dogéint gestriekt gëtt wat et ëmmer méi laang dauert a schlussendlech sinn et d'Turnerinnen déi drënner leiden.

Ech well zu dem Bréif vu RythmoCats allerdéngs just dat heiten soen, dass ech et lächerlech fannen fir d'Revocation vum President vun Contentieux ze froen fir dat hien säin d'Job geméit huet.

Dat geet hei net.

Zum deenen aneren zwou Requêten, well ech Iech jugéieren loossen. Ech stinn awer Ried an Äntwert wann et erwünscht ass, zu deene verschiddene Ukloen géint de CA.

Mee déi ganz Agitatiounen all déi Méint, fir elo net ob all Virfall eran ze goen, da géing hei d'Zäit sprengen, well ech just soen, dat et de ganzen CA zesumme geschweesst huet.

Ech well dofir menge Kollegen aus dem CA e grouse Merci soen fir hiert Engagement, an hier positiv Astellung zu dëser Disziplin, trotz dem ganzen Gestëppels. Ech kéint mer keng besser Equipe virstellen an ech si Stolz ob si.

E Merci och un déi Leit déi méi am Hannergrond schaffen, wei de Claude Bariviera, Koordinator vun der CST an hier Memberen.

Un d'Jugen an allen Disziplinen déi dofir suergen dass eis Manifestatiounen gutt oflafen.

d'Memberen aus de verschidde Kommissiounen, déi eng gutt a konstruktiv Aarbecht maachen, och an der GR. Ech well dat betounen.

Eis Permanent Sekretären dem Gaby an dem Jang, déi bei wäitem méi Engagement weisen wei nëmmen als Ugestallten.

An da sinn nach d'Martine Reuter, dat ouni vill Gedauschs d'Participatioun um Eurogym zu Leck am Summer preparéiert.

Dem Francine Falsetti, wat sech mat vill Engagement em sämtlech Lizenze këmmert.

An dem Noel VO, den dofir suergt dat Photoen vun eise Competitiounen ob eisem Internet Site ze gesinn sinn.

An da sinn nach déi Leit ob déi mer kennen zeréck gräifen déi eis Vill hëllef,

D'Marie Paule Hoffmann, an ech soen dat net nëmmen well Si hei als Verrieder vum COSL ass, mee well Si am Turnsport net ewech ze denken ass, an eis ganz vill hëlleft.

Dem Paolo Frising, Erëmgewielten Exekutiv Member bei der UEG, den eis vill gutt Tuyauen gëtt an och Dieren ob mécht bei UEG an FIG.

D'Carole Winandy, wat eis an der Kommissioun vum COSL vertritt.

Allerdéngs ginn meng Mercien och un de Sportsministère, ouni deen mer net kéinten fonctionnéieren, a wou mer an deene leschte Méint ëmmer en oppent Ouer fonnt hunn an dat selwecht och beim COSL, den eis och an dëser Period ganz vill Ënnerstëtzung zougesot huet.

An als Lescht e grouse Merci un lech fir dat Vertrauen dat der eis ginn hutt am Oktober an wat ech an der Lescht ëmmer méi spieren.

An dofir e grouse Merci

## Annexe 2 – Rapport du Secrétaire général

Dir Dammen, Dir Hären,  
Léif Turnfrënn,

No enger kuerzer Otempaus während de Summerméint, konnt ech méng Aarbecht als Generalsekretär am Oktober rëm ophuelen. Wéinst der Paus, verzichten ech awer haut op Zuelen iwwer Mailen, Sitzungen a Präsenzen, well déi jo noutgedrongen net vollstänneg wieren.

Mee - an do gesäit een och wéi performant Turner kënne sinn - ass trotz allem de komplette Joeresprogramm 2017 bewältigt ginn.

Dat woar méiglech, well mir - an dir - eis alleguer um Rimm gerappt hunn.

Ech haat d'lescht Joer schon drop higewisen, wéi wichteg et ass, d'Form vun eiser Kommunikatioun a vun eiser Zesummenaarbecht ze flegen, an ech hunn an deene leschte Méint erliewt, wéi eng ganz Equipp am CA a ganz vill Vertrieeder vun eise Clibb mat engem formidablen Engagement heirunner geschafft hunn.

Dat huet eis och an eise Wëllen bestärkt, eis Kommissiounen an Aarbechtsgruppen nach méi ze valoriséieren an hiere Stellewert am Turnverband ze stäerken. An de Kommissiounen sëtzen d'Experten, déi Leit déi an den Turnsäll, an de Comitéën an op de Matcher mat de Realitéiten vum Turnsport konfrontéiert sinn, an déi mat hierer Experienz kënnen dozou bäidroen, dass efficace Léisunge viergeschloen an emgesat ginn.

An och do kënnt et op eng gutt Kommunikatioun un, souguer oder grad dann, wa mir net enger Meenung sinn.

E wichtegt Element fir d'Kommunikatioun ass natierlech d'Informatioun a mir hunn an deene leschte Wochen vill Efforten gemach fir eisen Instrumentarium ze optimiséieren.

Ee grouse Schrëtt woar deen, fir eis ganz Informatik an d'Hänn vu Fachleit ze ginn. Et ass fir Benevoller an engem CA einfach net méiglech e konsequente Suivi vun sou wichtigen Instrumenter ze garantéieren an et kann net sinn, dass d'Personal an d'Veräiner dowéinst an hierer Aarbecht gebremst ginn. D'Reprise vum Internetsite mam Lizenzprogramm ass ugelaft a wäert am Juni fäerdeggestallt sinn, soudass mir dann déi nei Regelung fir d'Lizenzen an der neier Saison kënnen emsetzen.

Eis Facebook-Säit huet de Cap vu 700 « likes » gepackt an eise Flickr-Site mat de Fotoën ass e richtege Renner ginn. Sou hunn beispillsweis iwwer 2100 Visiteuren d'Fotoen vum Championnat des sections ugeklickt an iwwer 600 Persounen hunn sech déi vun de Championnats individuels vun de Minis ugekuckt...

Eise nächsten Challenge, ass deen fir och de „gymnaste“ rëm opliewen ze loossen, soubal mir eis Outilën am Grëff hunn.

Mir haate ganz flott Entrevuen mam Tageblatt a mam Wort a wäerten och weiderhin d'Zesummenaarbecht mat de Medien ausbauen a flegen.

D'Farde mat den Dokumenter an d'Brochure déi virun lech leien, goufe vun eise neie Sponsor, der Agence Fcreations desingt, déi eis och weiderhin wäerten hëllefen, fir eisen Image ze moderniséieren.



Zum Schluss nach ee Wuert:

E puer vun eis hu virun e puer Méint de Gilbert fir e Comeback als President vun der FLGym gefrot. Hien huet „Nee“ gesot, mee mir hunn eis net ginn. A wann de Gilbert bis „Jo“ seht, mécht hien jo keng hallef Saachen. An nëmmen e puer Méint huet hien et net nëmmen fäerdegbruecht, déi eng oder aner wichteg Dier e Stéck méi grouss opzemaachen, mee virun allem ass et him gelongen Vertrauen an Hoffnung ze vermëttelen. Duerfir Gilbert, entschëllegen ech mech haut fir dat, wat mir Dir zougemudd hunn a gläichzäiteg soen ech Dir Merci fir dat wat's Du bis haut geleescht hues.


**MISSIONS DU COSL**

- regrouper l'ensemble des **fédérations nationales sportives (61)** et à vocation sportive
- contribuer au **développement du sport** et de l'éducation physique et sportive
- représenter les **intérêts du mouvement sportif**
- promouvoir le **mouvement et les idées olympiques** et organiser la participation aux **Jeux Olympiques** et autres manifestations multisports.

1



## Annexe 4 - Présentation Paolo Frising (UEG )



### TeamGym



- Discipline exclusivement UEG
- Une des 8 disciplines officielles dans l'UEG
- 1<sup>ère</sup> compétition organisée en 1996 (FIN) sous le nom EUROTEAM
- Championnats d'Europe – années paires –  
1<sup>er</sup> officiel en 2010 (SWE)

### TeamGym



- Compétition par équipe dans trois disciplines :  
Sol, Tumbling et Mini-Trampoline
- Compétitions divisées en trois sections :  
équipes féminines, équipes masculines et  
équipes mixtes

### TeamGym



- Toutes les trois disciplines exigent un travail d'équipe efficace et une excellente technique avec des compétences difficiles en acrobatique et des éléments gymniques.
- Manifestation non seulement attrayante pour les spectateurs et les médias, mais également pour les sponsors, puisque aussi bien divertissante que passionnante à regarder.

### TeamGym



- Une équipe peut être composée de 8 à 10 gymnastes;  
Tous doivent concourir au sol qui est obligatoire  
Au Tumbling et Mini-Tramp, seuls 6 gymnastes se  
présentent à chaque passage  
Tous les gymnastes dans toutes les disciplines seront  
jugés. Une équipe mixte doit être composée à 50% de  
gymnastes masculins et à 50% de gymnastes féminines

Lancement video Teamgym





## Annexe 5 - CALENDRIER 2018-2019

| date proposée                                    | ORGANISATEUR                     | MANIFESTATION   | Date Retenue    |
|--|----------------------------------|---|-----------------|
| <b>27.10. &gt; 04.11 : VACANCES DE TOUSSAINT</b> |                                  |   |                 |
| <b>22.12. &gt; 06.01 : VACANCES DE NOEL</b>      |                                  |   |                 |
| 19.01.19   | <b>Diddelenger Turnveräin</b>    | Qualifications Coupe de Luxembourg Jun/Sen féminins : partie I                      | <b>19.01.19</b> |
| 19.01.19   | <b>NORDSTAD Turnveräin</b>       | Qualifications Coupe de Luxembourg Jun/Sen masculins : partie I                     | <b>19.01.19</b> |
| 26.01.19   | <b>Union Sportive ECHTERNACH</b> | Qualifications Coupe de Luxembourg Jun/Sen féminins : partie II                     | <b>26.01.19</b> |
| 26.01.19   | <b>Aurore OETRANGE</b>           | Qualifications Coupe de Luxembourg Jun/Sen masculins : partie II                    | <b>26.01.19</b> |
| 09.02.19   | <b>Sporting Club BELVAUX</b>     | Coupe de Luxembourg MINIS   |                 |
| <b>16.2. &gt; 24.02 : VACANCES DE CARNEVAL</b>   |                                  |   |                 |
| 02.03.19 +<br>03.03.19                           | <b>Le Réveil BETTEMBOURG</b>     | Championnats Individuels JUN/SEN  |                 |
| 09.03.19   | <b>Sporting Club BELVAUX</b>     | ASSEMBLEE GENERALE FLGym  |                 |
| 16.03.19   | <b>Gym BONNEVOIE</b>             | Demi-Finales Coupe de Luxembourg volet féminin                                      |                 |
| 16.03.19   | <b>Aurore OETRANGE</b>           | Demi-Finales Coupe de Luxembourg volet masculin                                     |                 |
| <b>06.04. &gt; 22.04 : VACANCES DE PAQUES</b>    |                                  |   |                 |
| 27.04.19 +<br>28.04.19                           | <b>La Liberté NIEDERKORN</b>     | Finales Coupe de Luxembourg + Coupes de Consolation/d'Encouragt                     |                 |
| 11.05.19 +<br>12.05.19                           | <b>GRS DIFFERDANGE</b>           | Championnat National GR   |                 |
| 18.05.19 +<br>19.05.19                           |                                  | Championnats Nationaux GAM/GAF + Finales aux Agrès + Championnats Individuels MINIS |                 |
| <b>25.05. &gt; 02.06 : VACANCES DE PENTECOTE</b> |                                  |   |                 |
| 08.06.19 +<br>09.06.19                           | <b>NORDSTAD Turnveräin</b>       | Championnats des Sections M/J/S volet féminin                                       |                 |
| 15.06.19 +<br>16.06.19                           | <b>Sporting Club BELVAUX</b>     | Championnats des Sections M/J/S volet masculin                                      |                 |
| <b>13.07. &gt; 15.09 : VACANCES D'ETE</b>        |                                  |   |                 |



## LES DISCIPLINES GYMNIQUES

- **La gymnastique générale** aux agrès classiques féminins et masculins tout en incluant le mini-trampoline
- **La gymnastique artistique** aux 4 agrès classiques féminins respectivement 6 agrès classiques masculins
- **La gymnastique rythmique** pratiquée avec les engins classiques est en pleine évolution
- Les activités du type « **Sports-Loisirs** » incluent une grande variété d'activités, p.ex. initiation à la gymnastique, fitness, danse, activités ludiques, etc...
- **Les nouvelles tendances**, p.ex. (grand) Trampoline, la gymnastique acrobatique, la gymnastique esthétique, le Cheerleading, etc... sont en train de trouver leur place au sein de la FLGym.

## LES CATÉGORIES D'ÂGE

Pour l'organisation de leurs **entraînements**, tous les clubs sont libres de définir leurs propres catégories d'âge en fonction des activités offertes. (p.ex. maman et bébé, poussins, etc...)

Pour les **compétitions en gymnastique** générale les catégories d'âge officielles sont: minis 5-9 ans, juniors 9-13 ans et seniors à partir de 14 ans.

Pour les **compétitions nationales de haut niveau** les catégories d'âge internationales sont appliquées à côté de catégories d'âge particulières pour les plus jeunes.



---

## LES MANIFESTATIONS OFFICIELLES

organisées par la FLGym en étroite collaboration avec les sociétés affiliées

---

- **LA COUPE DE LUXEMBOURG** Compétition pour les équipes juniors et seniors féminins et masculins. Plusieurs rounds de qualifications, demi-finales et finales avec des coupes d'encouragement et des coupes de consolation. Les finales se disputent sur deux jours avec la participation d'environ 350 gymnastes et une audience d'environ 800 spectateurs.
- **LA COUPE DE LUXEMBOURG MINIS** Compétition pour les équipes minis féminins et masculins  
En une journée: Qualifications et finales et coupes de consolation avec environ 250 gymnastes et une audience d'environ 500 spectateurs.
- **LES CHAMPIONNATS INDIVIDUELS en gymnastique générale pour juniors et seniors féminins et masculins** Deux jours de compétition environ 520 gymnastes et une audience d'environ 1200 spectateurs.
- **LES CHAMPIONNATS NATIONAUX en gymnastique artistique** Compétition individuelle pour les meilleurs gymnastes féminins et masculins toutes catégories  
**Premier jour:** concours général avec environ 50 gymnastes pour l'obtention des titres de Champion de Luxembourg avec une audience d'environ 120 spectateurs  
**Deuxième jour:** finales aux agrès pour l'obtention des titres de Champion de Luxembourg aux différents agrès
- **LES CHAMPIONNATS NATIONAUX en gymnastique rythmique** Deux jours de compétitions pour déterminer la Championne de Luxembourg en gymnastique artistique ainsi que les Championnes dans les différentes catégories d'âge.
- **LES CHAMPIONNATS INDIVIDUELS MINIS** Une journée de compétition individuelle pour 275 tout jeunes gymnastes féminins et masculins avec une audience d'environ 700 spectateurs
- **LES CHAMPIONNATS DES SECTIONS Juniors et Seniors** Deux week-ends de compétitions d'équipes pour 500 gymnastes juniors et seniors pour déterminer les clubs remportant les titres de Champion de Luxembourg, avec une audience d'environ 1100 spectateurs.









# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE GYMNASTIQUE

 3, route d'Arlon | L-8009 STRASSEN  
 +352 / 48 59 99 | Fax : +352 / 49 39 74  
 [secretariat@flgym.lu](mailto:secretariat@flgym.lu)

[www.flgym.lu](http://www.flgym.lu)